piraten.lu

N°3193
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den 18te Mäerz 2025 hat ech den Inneminister an der Chamber op schlecht Infrastrukturen an d'Liewensbedingungen an der Maison de retour um Kierchbierg higewisen, besonnesch am Beräich fir Familljen a Kanner, wou mer bei der Visite mat der Chamberskommissioun den 12te Mäerz 2025 opgefall war. Ee Punkt war deemools d'Situatioun vun den Toiletten an de Wee fir op d'Toiletten, wou d'Leit a Kanner bei Reen oder Keelt ouni Iwwerdaachung op déi baussenzeg Toiletten zréckgräife mussen.

An der Kommissiounssitzung vum 12ten November 2025 hat den Direkter vun der Maison de retour behaapt, d'Toilettë wieren iwwerdaacht, wat awer net dem entsprécht, wat ech selwer wärend der Visitt vun der Kommissioun observéiert hat a wat een och op de Satellittebiller gesäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, ob d'Toilettë fir Familljen a Kanner mëttlerweil iwwerdaacht sinn oder ob dës nach ëmmer am oppene Beräich leien? Falls se iwwerdaacht goufen, wéini gouf dëst verbessert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés